# DE MONNI NEPOMUK

De Monni Nepomuk
Säi Neveu, de Jang
Den Tunn,e Bedengten
De Misch Grang, Geldverleiher
De Pol als Boxer
De Men als Brasilianer
De Mike als Millionär
De Jupp als Professer
De Luss als Zigeinerin
De Jim als Schauspiller

---

## 1. Akt

1. Szene: John, Tunn

John ( sicht opgeregt om Schreifdesch no eppes, werft Zeitungen an Bréiwer durchernén: be's)
Nondikass. Wûr huet den Iesel, da nes de Bréif higeluecht? (rifft) Tunn. Hé Tunn. Ma ass den Dabo dann elo op émol dâf gin? (get op t'Dir zo, mecht se op a wöllt eraus goen - Den Tun kömmt eran, ean déi zwén rennen anenén)

Tunn O pardon Här. Ech hun Kre'enân.

John Kanns du nöt oppassen wo's du deng Fe'ss hisötz?
Wou soutz du dann eröm datt ech dech hu missen 6 mol ruffen?

Tunn ( grinst neischnotzeg) Nén Hâr. Ech hat Iech wirklech nöt héieren. Ech hat grad eppes Wichteges ze din!

John ( erstaunt) Eppes Wichteges? A wat ass dann dat Wichtegt?

Tunn Ma ech hun Er onbezuelte Rechnungen gezielt a klasse'ert.
T'sin der elo 49, nach eng, da kõnne mer e Jubiläum feieren.

John ( ongedölleg) Hâl déi Bâck. Doriver schwätzt én nöt.
Verstân.

Tunn Abbé gudd. Dann eben nöt. Aeddi. (wöllt of, den Tunn hält hien zreck)

John An iverhâpt. Hues du schon de Schreiwdesch gestöpst?

Tunn Ma secher ( beleidigt) an navel gröndlech.

John A wo hues du dann de Bréif vum Grengen geluecht?

Tunn Vum Grengen? Mengt der vleicht dé Bréif wou hien seng Suen reklaméiert?

John A so, du lies och nach meng Bréiwer.

Tunn ( gemitlech) Nöt all, Här, nömmer just déi Liebesbréiwer mat...
( mecht Bewegong vum Geldzielen? Mé ech liesen se nöt aus Virwötz, nömme grad aus M tléd.

John (rosen) Egal. Wann dé Bréif net geschwen hei leit, da geschitt éen Ongleck.

Tunn O Här. ( denkt no) Konnerknippchen. Wou hun ech dé Bréif fir t'lescht gesin? .. Nén do ass en net ... an do noch net... vléicht hei .. . néen ... né hien wär dach ... aha ... hei hun ech en ( zitt en aus dem Papeierkuerf)

John (entrüst) Wât, bass du dann total iwergeschnappt fir dé Bréif an de Papeierkuerf ze geheien, du .....

Tunn ( grinst) Net dra geheit, né, kann é wuel ziellen: ech hun e lues dra geluecht an extra gudd opgepasst

John (wëll) Ech vergiesse mech nach.
Tunn Ech mengen dir vergesst nach éischter t'Rechnungen.
(wöllt sech verdrecken)
John Halt. Bleif emol hei. (Ro'eg) Lauschter. Du wés jo da : haut meng Frönn kammen?
Tunn Jo Här. Ech wés Beschéd. Dann friessen se eröm we' Ké' a saufe wéi Päerd, an den Teppich ass herno ganz gro vun den Zigaretten-äschen.
John Dât gét dech neischt un, dât si menger Sachen. Ass alles virberét?
Tunn Jo Chef.
John Dann ass et gudd.Da kanns du elo go'en.
Tunn Da gin ech de Will op t'Froumillen besichen.

2. Szene

John ( liest de Bréif) .... aus diesem Grunde tut es mir leid, Ihnen die geliehenen Summe nicht länger lassen zu können. Ich werde mir daher erlauben, Ihnen am Mittwochnachmittag einen Besuch abzustatten, um mein Geld abzuholen. Mein Guthaben beträgt mit Zinsen 5.765 Franken. In der Hoffnung Sie am Mittwoch zu Hause anzutreffen, begrüsse ich Sie mit vorzüglicher Hochachtung. Ergebenst. Misch Greng. Geldverleiher.
(geheit de Bréif wöll op den Dösch ) Esou é Gauner. Dé Borscht misst é villmé ophänken. Elo hätt dé Gangster gär 700 frs Zönsen fir déi hongreg 5000 frs. ( denkt no.) Wann ech nömme we'sst wo' ech de' Suen soll hirhuelen? Mei Monni Nepomuk.léisst awer och neischt vun sech he'ren. Wann hien mer alt nömme Sue ge'f schecken. Mescht hien dât nöt, da muss ech alt dé Geldschlecker op spe'der vertre' .schten, bis méi Monni eben .eppes scheckt.
( et klappt) Entrez.

3. Szene: ( De Pol an den Men kommen eran)

Pol Moeien, Bof, hei si mer.
Men Wéi ass et deieren Frönd?
John Moien, Pol, moien Men, si der schon do?
Pol Ass et nach ze fre'h, da komm Men da gi mer nés.
John Sit dach net gleich beleidegt. Sötzt iech emol. De' aner wärten och geschwönn kommen.
Men A wou stecht dann de gudden Toni?
Alleguer: Tun, Tonichen!!!!
Tun Jooooooooo
Men Wou stechst du eröm?
Tun Am Keller ( de Pol an de Men lâchen )
John Am Keller? A wât meschst du dann do?

4. Szene: den Tun an déi vu virdrun

Tun ( kënnt eran, eng Flasch ennert dem Aam) Ech hat den Hals e bösse wéi a méi Papp haat emmer gesot an dem Fall misst én den Hals pinselen( e geséit déi aner) Ah gudde Moien, dir Hären.
John Wat get dech un? Mach dass du elo geschwönn eppes hei servéiert hues ( den Tun gét aus an dems hien t'Fläsch nach eng Kéier usetzt. déi aner laachen.)
Pol Mach der neischt draus, dein Tunnes war nach emmer e Fall fir sech.
( Et he'ert én dobaussen Geträppels) Aha do kommen déi aner och.

5. Szene: Luss, de Mike, an de Jupp an déi Vireg

| | |
|---|---|
| Jupp | Salut |
| All | Sâlût |
| John | Da kommt Jongen. Huelt iech Plâtz, da fänke mer direkt un ( den Tunn streckt de Kapp zur Dir eran a fret verwonnert.) |
| Tunn | A wat ass dann hei lass? |
| John | Ass da geschwörn hei eppes serve'ert) ( Sie setzen sech all un, den Tunn servé'ert) |
| Men | Jo, John wat get dann haut gefeiert? Huet én Gebuertsdâg? |
| John | Nee, mer deelen t'Woch,déi 2. Halschent kennt soss ze drechen gin |

6. Szene: Déi Vireg, de Jimm.

| | |
|---|---|
| | ( Jimmi kennt eran, ausser Otem ) |
| Jimmy | Salut |
| All | Endlech de Jimmy |
| Jang | Wou wars du dann erem hänke bliwen) |
| Pol | Rendez-vous, wéi Klengen? |
| Jimmy | Kanner, ech hun e Medchen kenne geléiert., e Gedicht, |
| Luss | Komm erem zou der. |
| Juppp | Hien ass nes am Himmel. |
| Jang | A wat fir e sche'nt Kand ass dat dann nés? |
| Jimmy | Eng Venus, en Engel, en herzlecht Ka d. en zockerse'sse. |
| Tunn | Kaktus ( et schellt) ( Tun of) |
| Luss | Jimmy hei huel e Schlupp, dass de eröm zou der Könns |
| Mike | En ass nés total verknallt, da dât elo fir déi 375egst Kéier. |

7. Szene: Déi Vireg, Tunn

| | |
|---|---|
| Tunn | j Heit Här, hei ass eppes komm fir iech |
| Jang | Wât soll dan dât erem sin |
| Tunn | Et ass ent Steck versiggelte Packpapeir (get dem Jang et) |
| Jang | Du bass och versiggelt. Dat ass jo en Telegramm. A wat soll dann do dran stoen? |
| Tunn | Da muss der firde'scht dra kucken, da wösst der et direkt. |
| Jang | Nee wéi raffinéiert! Wéi Zocker vun Tirlemont. |
| Tunn | (beleidegt) Ech hat et jo nemmen esou' gemengt ) iwerdem en ofgét) den huet awer och glâd keng Bildung. |

8. Szene: Déi Vireg

| | |
|---|---|
| Jang | ( huet den Telegramm opgemach a liest mat Freed) ..... ich bin bereit dir 50.000 Franken zu geben, aber... ( séi Gesicht get lang a sauer) ich bringe sie dir heute selber. Onkel Nepomuk. Hellef ... T'Pampjéen. Elo platzt eng Bomm... |
| All | (Durchernén) Wât ass da lass? Wât ass dir? Wât fir eng Bomm soll da platzen? |
| Jang | De Monni Nepomuk kennt ( botzt sech de Schwéss of) Ech mache meen durch t'Bascht. |
| All | De Monni Nepomuk? Wien ass dann dât? |
| Pol | Ass dat villéicht dé gudde Mann op dém seng Käschte mer all Mettwoch hei zesumme kommen? |
| Jang | (wéimmert) Majo, elo kennt de ganze Schwindel eraus. |
| Men | Schwindel? |
| Luss | Wât fir e Schwindel |
| Mike | Elo ass dén och iwergeschnappt. |
| Jang | Da lauschtert emol. Dir huet jo guer keng Ahnung wuerem et get. Dé Schwindel, dat ass méi Verjüngerungsinstitut. |

Pol    Sô, Men, dên huet eng Schrauw lass.

Men    Majo, bestellt gléich de grengen Auto.

Jang    Schwätzt dach kê Blech. ech brauch net iwert Breck. Ech sin nach net verreckt, mê ech kennt et lo geschwenn gin wann dir mir net helleft.
Loss nemh mol deng Stîr fillen.

Mi .    An och déi Bols

Jang    Donnerwiedar, ech sinn jo ganz normal, lauschtert dach no. ech hât mengem Monni geschriwen, ech hätt e Verjüngungsinstitut opgemach, wou ech de'aal Leit eröm gêif jonk maachen.

Pol    Ma wéi konns du hir dann nemmen esou e Kabbes schreiwen?

Jang    Fir Geld ze kréien. Esou eng Entreprise brauch Mönz fir unzefänken. An ech brauch Souen, ke'nweis.

Men    Maja wât ass dann elo geschitt?

Jang    Méi Mônni entierwt mech, wann hien de Schwindel annuecht helt. An da verjüngt e mech nach selwer derbei . ( mecht de Geste vu Stréch)

Jupp    Dat muss mir verhenneren.

Jang    Dann hölleft mer dach.Wés da kén vun iech eng Léisung. Tommelt iech. De Monni kann all Moment kommen.

Pol    Halt ech wés eppes. Ech hun eng Idi.

Jupp    Dann hal se fest un datt se net fortflitt, a so se gleich, well de wés de Monni ass um Kommen.

Pol    Ma mir machen ganz einfach esou e Verjungungsinstitut op

All    Bass du verreckt? Esou e Blössinn. Dât get jo net.

Mike    Alt nach én dén iwergeschnappt ass.

Jang    Dât get net, dat kann net goen.

Pol    Sou a firwat dann net.

Jang    Majo. wou soll ech da Patienten hierhuelen? Ech muss dach aal Leit hun. An ech hât dem Monni geschriwen, ech hätt schon 5 ... Patienten an zwar: E Prof, dien aus dem Haischen ass, e brasilianischen Goldgrouwebesetzter, e berühmte Filmschauspieler, e sechsfache Millionär, an én Beruffsboxer dén erem gär seng Kräften eröm hätt A wou huelen ech déi all hier?

Pol    Ganz einfach. Ma déi spille mir.

Jang    An ech hat him och gesôt, ech hätt e Neger als Wärter an eng Zigeinerin als Infirmière.

Pol    Da muss nach én de Neger an én t'Zigeinerin spillen.

Men    Dat ass alt e bössen vill dés Blödsinn.

Pol    De Witz ass gudd. Elo hätt ech nach eng Fro: Hues du villéicht Kostümer fir eist Theatersteck ugeschafft.

Jang    Jo, nemmen wou huelen ech dat ganzt Institut hier an de Monni kann all Moment kommen

Pol    Ma lauschter, du brauchs dat net, et ass jo néischt méi einfach dengem Monni e besschen Theater virzeféieren bis e fest un déi ganz Saach gléft.

Jang    Nén dât gét net. Dén Schwindel kennt doudscheher eraus.

Pol    Elo gét et duer. Allez hoff. Hei sin t'Rollen: ech sin de Boxer Luss, du spills t'Zigeinerin, Du Men, du bass den alen Don Pedro, an du Jupp, de Professor Fiederkeil, dir félt et jo sou wéi sou u Verstand, an du Mike, bass de Millionär Geldamsack.

Mike    E schéine Millionär mat 10 Frang an der Tâsch.

Pol    An du Jim, bass de Schauspiller Apelsaft.

Jang    An de Neger, wou huelen ech dén dann hier?

Pol    Ma firwât hues du dann déin Tunn? Dât ass jo e gebuerenen Zullukaffer.

Jang    Ma dât kann jo schéin gin. Tunn, hé Tunn .

Tunn    ( kennt eran ) Hei sin ech schon.

Jang    Komm schnell heihin.

Tunn    Wât wir da gefällig léiwen Här?

Jang    Lauschter emol, Tunn, gengst du net emol gâr eng Kéier fir 5 Minuten én Neger sinn?

Tunn ( erschreckt) En Neger... En Neger... Ech mengen dir huet Goubelien net méi richteg uewen an ârem Schâf stoen.

Jang So gléich jo, du brauchs et jo net fir néischt ze machen. Du brauchs dech nemmen e bësschen mat Wichs ze polëieren.

Tunn ( misstrau'esch) Ech soll mech mat Wichs bepinselen. Ma da geng jo meng ganz Schéinhét verlur.

Jang (nervös) Schéinhét hin oder hier,et muss elo gehandelt gin. et ass mer Escht. Méi Monni kënnt op Besuch an dofir muss ech é Schwarze Bedengten hun.

Tunn Ah, elo verstinn ech. Ere Monni ass secher esou é Steck vun der Generalbank.

Jang Richteg, é Steck dofun op jiddefall .. Hien huet vill Spéin.

Tunn Gudd, ech verstinn. Wann ech gudd bezuelt gin, machen ech gären mat.

Jang Also bass du d'accord, léiwen Tunn?

Tunn Dat kënnt nëmmen drop un, wéihéich dat Drenkgeld assfällt. Ech schaffen nëmmen no Tarif.

Jang Un Drenkgeld soll et net félen.

Tunn Kënnt ech e klengen Firschotz kréien?

Jang Alt é bësschen lues. Du kriss als fest Gehalt 500 Frang.

Tunn 500 Frang? Nén, dat léisst mech kaal wéi é Frësch ouni Kleed. Fir 500 Frang kann ech mech net schwärzeh. E Pond Séf kascht scho 50 Frang fir mech ze botzen, an ech brauch 4 Pond.

Jang Da kriss du alt 700 Frang.

Tunn Gét nach net duer. Ech wäschen mech nëmmen mat Parfumséf, an déi ass déier.

Jang Du kriss 1000 Frang. Gét dat duer?

Tunn Bong. Dofir machen ech den Zullukaffer. Ech ginn mech elo gléich schéin maachen.

Jang A verhal der nach dat hei. Ech sinn Direkter fun engem Verjüngungsinstitut an du méi schwarzen Bedengten.

Tunn En Infirmier? a wou sin dann déi Krank?

Jang Hei, des Hären sing meng Patienten, verstan?

Tunn Dass gudd, ech machen den Zirkus mat. Jongen, wat eng Firma

Jang Da géi elo deng Hänn an déi Gesicht schwärzen awer tipp topp, de Monni ass elo geschwönn do.

Tunn An der Rei. Elo geschwönn gesinn ech eraus ewéi é freschgewickste Schong, hahaha. Mé ech hun nach eppes op mengem Hierz.

Jang A wât ass dann nach lass?

Tunn Kennt ech net e klengen Firschotz kréien? Da pecht t'Wichs alt besser.

Jang Dât léisst sech maachen, Hei hues du alt 200. Frang.

Tunn Villmols Merci. An elo get sech t'Gesicht gewichst dat eise Monni vun Angscht t'Poucke kritt.

<u>10. Szene: Déi Vireg</u>

Pol Esou en Tunn get et nemmen emol.

Men Den ass einfach net ze bezuelen.

Luss Dén do wärt déi Monni nach gudd aséfen.

Mike Emsou besser. Schliesslich ierwst du als schéin Zigeinerin och nach eppes.

Jupp Derjomer net nach, Esou e Quatsch hun ech a mengem ganzen Liewen nach net matgemach.

Jimmy Da lossen mer mol op dé kommenden Monni ustoussen.

Jang Roueg elo. Beim Schwätzen sidd der all deck do, awer weist emol dass der och Theater spille kënnt, an hölleft mer fir aus dém Zodi hei eraus ze kommen, Dir wösst jo, datt ech iech zum groussen Merci verflicht sin, mé losse mer dât mol op t'Séit. Kuckt dass der Iech schnell verklédt, esou wéi de Pôl gesôt hât.

a mengem Schlôfzemmer ass alles wât der braucht. An där Zéit doen ech eng wéiss Schipp un, datt ech och wéi én Verjüngungsdokter ausgesin , an da lass op de Monni.
Op ons kanns du dech verlôssen. Mir kréien de Monni schons aus dem Haus.
Ech soen iech villmols Merci. Dât wärd ech iech nie vergiessen.

11. Szene: Jang

Jang Dât sin dach nach Kômeroden, déi en nie am Stach lossen. Ech wärd hir Höllef hoffentlich net ze lang brauchen, well ech de Monni erem sou séier wéi méiglich aus dem Haus well hun. T'Hâpsach ass, datt hien méin Verjüngungsinstitut geséit an datt hien déi 50 Groer berappt. ( Et schellt ) Soll dât schons de Monni sin? Da muss ech awer schnell a meng Schipp klammen. ( Et schellt nach e puer mol) Wirwât mecht den verfluchten Tun dann net op? Ajo, hien ass jo nach am Gang séi Gesicht ze tapisséieren. ( gét of, dobaussen héiert én hien) Gudde Moien, léiwe Monni, ei wât e Genoss, dech erem ze gesin. Komm hänk dech hei op. T'Wallis setze mer op t'Séit. Sou an elo komm hei eran.

12. Szene: Jang an de Monni Nepomuk

( De Monni ass é löschtegen, gemitlechen Här, almoudesch gekléd.)

Monni Sou do wären mer. Ech kann der net soen, wât war dât eng Rés. An der zwéter Klass an dobéi eng Hetzt. Méi gudde Kéis ass zu Wasser geschmolz.
Jang Du wärs dach net an der 2. Klass gefuer sin.
Monni ma selbstverständlich, a firwât dann net? Ech fueren emmer 2. Klass. Da spuert e Geld an et kann én do ongenéiert op de Buedem spéitzen.
Jang Oh, Monni, wât hues du Manéieren. Nujé, t'Hâpsach ass, dass du glecklech ukomm bass. Mé wells du net déi Prabli op t'Séit léen.
Monni Nén, nén, Nevi, méi Prabli muss ech emmer bei mir hun, soss lôssen ech en stoen. Dén huelen ech sou guer mat an t'Bett.
Jang Wât bass du én. Komm huel der nô' Plâtz.
Monni Mat Pleséier (setzt sech) dât hei ass dât Institut mat dénen Verjüngungsdrüsen wéis du mer geschriwen hues.
Jang Jo, Monni dât ass et.
Monni ( vertraulich) So mol Nevi, dât ass secher alles Schwindel mat der Verjüngungskur?
Jang Wéi mengs du dât Monni?
Monni Ma ech mengen dât gett et jo guer net. T'kann én dach net méi jonk gin wann én sou eng âl Kôscht ass ewéi ech.
Jang Hei déi ass gudd. A wuefir soll et dât dann net gin? Dât ass eben déi grouss Erfindung vun der jo jan a man schwätzt.
Monni Sou, hâs du da schons é Résultat, eng Réussite, z.B. kanns du da schon aus engem Schôf é Widder machen?)
Jang (lacht) O, Monni wât eng gelunge Frô Bis heihin hun ech nemmen mat Menschen versicht, an t'Wirkung ass onhémlech. Kuck ech hun fir de Moment nach 5 Patienten a menger Klinik, déi all eng Verjüngungskur matmachen, an zwar mat gréisstem Erfolleg.
Monni Kuck elei, kuck elei. Mé geséis de, ech wollt mer déi Sach mol mat engenen Aen ukukke kommen an duefir sin ech hei. A wesst wât ech wölles hun?
Jang Ja, an ?
Monni Ech well déi Verjüngungskur emol matmachen. hihihihihi
Ech wöll emol erem eng Kéier sou e flotte Borscht gin hihihi....

Jang (sprengt entsetzt op) Wirklech Monni.

Monni ( stét op, gudder Deng) Ei, ech bleiwen eous lang hei bis ech mech eröm jonk fillen wéi e Léierbouf.

Jang ( setzt sech, fir sech) O, gebitztne Stréisack. Dat ass méin Enn.

Monni (misstrauesch) Wéi Nevi, frés de dech net.

Jang (erschloen) O dach, dach Monni. Natirlech fréen ech mech onhémlech souguer. (fir sech:) Onheemlech. O méi elo kënnt de ganze Schwindel eraus.

Monni (berouegt) Maja ech hat jo och es u geduecht, du géifs dech fréen hihihihihi ... Ech wöll eröm hopse léieren wéi en Hieschen an dansen en Twist an Medison. ( hien hopst dorömmer a lacht )

13. Szene: Déi Vireg, Tunn

Tunn (Stecht de Kapp durch t'Mött a grinst, kënnt op den Zéiwen erageschlach op de Monni zou dén en net geséit an him de Reck dréiht.

Monni Uuuh, mir gét den Otem aus. Nevi, göff mer schnell dér Verjüngerungsmöllech ( Stéisst den Jang mat der Spötzt vum Prabbli) (lusseg) A wés de Nevi wourop ech mech besonnech fréen a rechteg gespannt sinn

Jang Ja Monni?

Monni Ma, op déi Neger. Dé schwarzen Déiwell géif ech mol gären gesinn...

Tunn ( schléit de Monni vun hannen kräftig op t'Schöller) Hauhauhauhau. Hei ech sin.. Hauhauhauhau ( kuckt de Monni dréihend a frech )

Monni ( erschreckt) Méi Gott den Déiwel ouni Wäschpolwer. ( rennt mat opgespanntem Prabbli iwer t'Bühn. Den Tunn him no) Höllef, en schwarze Neger, Nevi, gudde Nevi, hal en un, lé him é Maulkuerf un. Dé frösst mech nach ouni Verjüngungskur.

Tunn Hauhauhauhau. Ech séi Flesch elo fréssen.

Jang ( hart lachend) Keng Angscht, Monni. Dat ass nömmen é Virspill vun der Verjüngungsdur.

Tunn Hauhauhauhau. Du bass é Gréif fir op meng Botterschmier.

Monni Nevi ech gin hém ( total erschöpft, fällt op de Kanapee) Op enger Schmier ze stierwen ass gruschlech. Ah, den Déiwel soll dén Töntefösch do huelen . An och deng Verjüngungskur.